

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madam Kulturministesesch weiderzeleeden:

„Den Iechternacher Park gouf bei de schroen Iwwerschwemmungen am Juli 2021 staark beschiedegt an ass bis haut an engem ganz schlechten Zoustand.

Bal 1 Joer nom Héichwaasser huet de Schäfferot vun der Stad Iechternach elo e Panneau am Park opstelle gelooss, wou drop steet: «Aufgrund einer historischen Studie des Kulturministeriums dürfen wir die durch das Hochwasser entstandenen Schäden derzeit nicht beheben»

Well dës Matdeelung eppes anescht seet, wéi dat wat Dir op eng parlamentaresch Fro vum 21. Dezember 2021 geäntwert hutt, géif ech Iech biede folgend zousätzlech Froen ze beäntweren:

- 1. Huet d'Gemeng Iechternach, no ärer Äntwert op déi uewe genannte parlamentaresch Fro, den Dossier vun de geplangten Aarbechte komplettéiert a vollstänneg um Kulturministère eragereecht? Si säitdeem nei Autorisatioune vum Kulturministère un d'Gemeng Iechternach erausgaangen? Wa jo, firwat konkret?*
- 2. Ass et nach ëmmer esou, dass Aarbechten un de Weeër an un der Beliichtung (am ganze Park a spezifesch fir d'Vëlospist), op den Tennis Terrainen an um Mini-Golf (déi alle béid och e neien Zonk brauchen) iwwer eng Autorisatioun vum Kulturministère kënnen gemaach ginn? Sinn all di néideg Demandë fir des Aarbechte vun der Gemeng Iechternach un de Kulturministère eragereecht ginn? Sinn all d'Autorisatioune vum Kulturministère ausgestellt ginn?*
- 3. Wéi eng kleng Aarbechte kënnen ouni Autorisatioun vum Kulturministère gemaach ginn? Kënnen z.B. nei Poubelles-Bac'en an nei Bänke vun der Gemeng en Place gesat ginn? Oder këmmert sech de Staat ëm des kleng Aarbechten? Wien kënnt finanziell fir all d'Aarbechten, déi am Park gelescht ginn op?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

4. *A wéi fern ass et richtig, dass d'Schied vum Héichwaasser wéinst der annoncéierter historischer an architektonischer Etüd net däerfe behewe ginn? Wéi eng Schied a wéi eng Aarbechte sinn heivunner konkret betraff? Ass et notamment effektiv esou, dass keng nei Hecken, Planzen a Blumme kënne gesat ginn, och wann de Park doduerch weiderhin an engem ganz schlechten Zoustand bleift?*
5. *Wann esou laang wéi déi historesch an architektonesch Etüd gemaach gëtt, verschidden Aarbechten net kënne gemaach ginn, wéi laang wäert dat de Fall sinn? Wéi laang soll déi historesch an architektonesch Etüd daueren? Ass de Kulturministère sech bewosst, dass déi vill Visiteuren an Touristen déi op Iechternach kommen den Iechternacher Park während all där Zäit an engem ganz schlechten Zoustand erëmfannen? Wat gedenkt de Kulturministère do dergéint ze maachen?*
6. *Fir d'Tennis-Terrain'en nees a Betrib ze huelen, müssen och d'Elektresch- an d'Waasserleitung kënne genotzt ginn. Kënnen d'Aarbechten diesbezüglich am Kader vun der Instandsetzung vun den Tennis-Terrain'en gemaach ginn oder brauchen dës eng speziell Autorisatioun? Sinn all des Autorisatiounen vun der Gemeng Iechternach gefrot ginn? Huet de Kulturministère des Autorisatiounen och ginn?*
7. *Ass d'Gemeng Iechternach mam Kulturministère a Verbindung getrueden, fir zesummen ze beschwätzen, wéi d'Instandsetzung vum Iechternacher Park soll weidergoen? Ginn et reegelméisseg Echanges tëscht der Gemeng Iechternach an dem Kulturministère zu dësem Sujet?*
8. *Konnten d'Aarbechten um Daach vum Pavillon entretemps weidergefouert an ofgeschloss ginn, nodeems se hu misste wéinst den onerlaabten Aarbechten déi d'Gemeng gemaach hat, gestoppt ginn?*
9. *Wien finanzéiert déi historesch an architektonesch Etüd am Iechternacher Park? Wat ass hire Käschtepunkt? Wien finanzéiert di konkret Ëmsetzung vun der Etüd? Wéini soll dës ëmgesat ginn?“*

Mat déiwem Respekt,

Carole HARTMANN
Deputéiert